



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An engem Interview mam Luxemburger Wort vum 19.8.2022 ("Die Akte 'alac' und der schwierige Weg einer notwendigen Reform") gëtt am Zesammenhank mat der Reform vun der "Agence luxembourgeoise d'action culturelle" och d'Thema vun der Lëtzebuenger Presenz op der Frankfurter Buchmesse (FBM) abordéiert. De Spriecher vum Kulturministère huet kloergestallt, datt den "Arts Council Kultur:LX" an Zukunft "sämtliche Auslands- und Exportmissionen des Kulturministeriums übernehmen sollte".

Et gëtt een awer enttäuscht, wann een op den offizielle Websäite vum Kulturministère, vun der alac (www.culture.lu) a vum "Arts Council Kultur:LX" Informatiounen iwwer d'Lëtzebuenger Presenz op der FBM 2022 sicht (Stand: 25.8.2022). Op der Websäit www.culture.lu bezéie sech déi dräi eenzeg Bäitrag zur FBM op d'Joer 2018, op der Websäit vun "Arts Council Kultur:LX" fënnt een "Keine Neuigkeiten" zu deem Thema, an op der offizieller Säit vum Kulturministère bezitt sech dee leschte Bäitrag op d'FBM 2020. Well een och op der Website vun de Lëtzebuenger Bichereditoren net gewuer gëtt, ob Lëtzebuerg iwwerhaapt op der FBM 2022 vertrueden ass, muss ee schonn duerch d'Lëscht vun den iwwer 2700 Aussteller op der offizieller Websäit vun der FBM scrollen, fir op den "Arts Council Kultur:LX" ze stoussen. An och hei gëtt een näischt Genaues iwwer de Lëtzebuenger Stand gewuer. Et liest ee just een englesche Saz iwwer d'Diversitéit vun der Lëtzebuenger Bicherproduktioun.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt Lëtzebuerg op der Frankfurter Buchmesse 2022 vertrueden ass?
- 2) Wa jo, kann d'Madamm Minister Informatiounen zum Lëtzebuenger Stand an zu de vertruedene Bichereditoren ginn?
- 3) Kann d'Madamm Minister Prezisiounen zur finanzieller Bedeelegung vum Staat un der Lëtzebuenger Presenz op der FBM 2022 ginn?
- 4) Wat mécht d'Regierung, fir d'Lëtzebuenger Presenz op der FBM 2022 an der Öffentlechkeet ze promovéieren, beispillsweis fir Bicherfrënn dozou ze beweegen, op Frankfurt ze fueren?

- 5) Leien der Madamm Minister Informatiounen vir, ob um Lëtzebuurger Stand och d'Thema Ukrain-Krich thematiséiert wäert ginn, sou wéi dat mat grousser Wahrscheinlechkeet op deene meeschten anere Stänn wäert de Fall sinn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup,
Deputéierten